



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7587 vum 10. Februar 2023 vun der éierewäerten Deputéierten Madamm Martine Hansen iwwert "Protection de l'eau"**

**1. Wéi vill Derogatiounen sinn d'lescht Joer an dëst Joer ugefrot ginn?**

Am Joer 2022 sinn insgesamt 161 Derogatiounen ugefrot ginn. Stand 28. Februar 2023 goufen bis ewell 18 Demanden fir 2023 era gerecht.

**2. Wéi vill sinn der accordéiert ginn?**

Bei den Dossieren vun 2022 goufen 82 Derogatiounen ausgestallt. Vir Dossieren vun 2023 gouf nach keng Derogatioun accordéiert.

**3. Wéi laang dauert et, bis datt d'Bauern eng Äntwert op hir Demande kréien?**

Wéll d'Bestëmmungen zu den Derogatiounen an den Drénkwaasserschutzzonen réischt viru kuerzem a Kraaft getruede sinn, ass dëst eng relativ nei Prozedur fir d'Betriben. Dowéinst waren 2022 eng ganz partie Demanden net komplett, wat d'Beaarbechtungsdauer och erhéicht huet.

An der Moyenne huet et dowéinst bis elo ongeféier 6 Méint gedauert bis d'Demanden ofgeschloss waren. D'Beaarbechtungsdauer hängt vu verschidde Facteuren of, wei zum Beispill ob d'Demande fir méi wei een Punkt Derogatiounen freet, respektiv fir méi Parzellen ugefrot ginn ass. Fir de Leit an Zukunft d'Ufro ze vereinfachen, goufen 2022 Formularen ausgeschafft an zur Verfügung gestallt.

Et kann een dovun ausgoen, dass domat d'Zäit vun der Bearbechtungsdauer reduzéiert gëtt. Ausserdeem wäert et sech a ville Fäll spéider wuel ëm d'Verlängerunge vun Derogatiounen handelen, déi schonn eng Kéier accordéiert goufen. An dëse Fäll muss awer dann eng op jiddfer Fall eng negativ Auswirkung op d'Waasserqualitéit vun den accordéierten Derogatiounen ausgeschloss ginn, éier déi nei Derogatioun kann accordéiert ginn.

**4. Riicht d'Dauer vun der Derogatioun sech nom Kulturjoer? Wann nee, wéi kann de Bauer an dem Fall den Ubau vu senge Kulture plangen?**

D'Lafzäite vun den Derogatiounen riichten sech allgemeng no dem Kulturjoer. Déi Lafzäit kann entweder fir eng kuerz Zäit (e puer Méint) gëllen, kann awer och fir e puer Joer gëllen, esou datt de Bauer dann och méi laangfristeg plange kann.

**5. Wéi eng wirtschaftlech rentabel Alternative bitt de Ministère de Bauere bei den Ackerkulturen un?**

An den Drénkwaasserschutzzonen si laut dem Waassergesetz vun 2008 Moosnaamenprogrammer déi vun den Drénkwaasserversuerger erstallt ginn, virgesinn. D'Erstellung an d'Ëmsetzung vun deene Programmer ka bis zu 75% aus dem Fonds pour la gestion de l'eau finanziert ginn. Dorënner falen notament Pilotprojete fir nei waasserschützend, alternativ Kulturen unzeplanzen an Ofsatzweier opzebauen.

Eng ganz Rei vu Moosname sinn och iwwer d'Agrargesetz finanzierbar. Eng enk Berodung an Informatioun vun den Baueren ass ganz wichtig. Dofir setzt de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op eng gutt Zesummenaarbecht tëschen de Baueren an den Drénkwaasserversuerger.

Et sinn dofir bisweilen 6 regional Kooperatiounen tëschen den Drénkwaasserversuerger gegrënnt ginn. All Region gëtt vun engem Animateur geréiert. An de Regionen ginn et landwirtschaftlech Kooperatiounen wéi zum Beispill d'LAKU (Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer ) um Stauséi an deenen d'Bauern informéiert a berode ginn.



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2023  
(s.) Joëlle Welfring  
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung